LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Léif Mataarbechterinnen + Mataarbechter vun de Gemengen

D'sanitär Kris ëm de Covid-19 hält eis zënter e puer Wochen all an Otem a stellt eis zesumme viru grouss Erausfuerderungen, an dat an enger Form wéi eist Land se nach net kannt huet.

Kuerzfristeg hunn d'Gemengen hir administrativ an technesch Déngschtleeschtunge komplett an de Krisemodus missen ëmstellen.

Dir waart als Gemeng gefuerdert, lech en eegene Kontinuitéitsplang ze ginn an lech komplett ëmzeorganiséieren, ëmmer mam Zil, déi essentiell Servicer fir d'Leit ze garantéieren a gläichzäiteg lech, Mataarbechterinnen a Mataarbechter, beschtméiglech ze schützen.

Et hu sech natierlech eng ganz Rei Froe gestallt, op déi ech zesumme mat menge Leit aus dem Inneministère geäntwert hunn an esouwäit ewéi méiglech onkloer Situatiounen konnt beliichten, an dat a gudder Zesummenaarbecht mam Gemengesyndikat SYVICOL

Lues a sécher versiche mir nees e Stéck Normalitéit zeréckzekréien. Dass mir dëst elo ugoe kënnen, ass nëmme méiglech, wëll mir am Ufank vun der Kris esou konsequent zesumme gehandelt hunn.

Als Regierung si mir eis awer och bewosst, dass den Déconfinement méi schwiereg wäert ginn, ewéi am Ufank erof ze fueren, an dass weider komplex Erausfuerderungen op eis alleguer waarden. Op Basis vun der Entwécklung vun den Zuelen no wëssenschaftlechen Erkenntnisser, wäerte mir d'Situatioun genau am A behalen.

Ech wëll haut awer d'Geleeënheet notzen, fir de professionellen Ëmgang an dat grousst Engagement an dëser aussergewéinlecher Situatioun vu jidder eenzelne vun lech ze ënnersträichen an lech dofir Merci ze soen! Et ass wichteg, dass d'Leit wëssen, datt si sech a Krisenzäiten op hir Gemeng verloossen kënnen.

Besonnesch bei der Verdeelungsaktioun vun den 3,5 Millioune chirurgesche Masken un d'Personal an d'Bevëlkerung vun Ärer Gemeng, hutt Dir en enormen Asaz bewisen. Och wann dës Demande un d'Gemenge kuerzfristeg koum a séier huet misste reagéiert ginn, esou ass et awer d'Resultat, dat zielt. Innerhalb vu nëmmen e puer Deeg nodeems de Fliger mat de Maske geland war, sinn d'Masken an alle Gemenge verdeelt ginn. Dat war just méiglech, well mir all zesumme geschafft hunn, an dorop kënne mir houfreg sinn!

Dir hutt an deene läschte Wochen vill Efforte gemaach an lech an dëse net evidenten Zäiten fir d'Allgemengheet agesat. Dofir wëll ech lech am Numm vun der Regierung, an a mengem perséinleche Numm Merci soen.

Taina Bofferding
Inneministesch